Kuerzbiografie
vu Senger Altesse Royale dem Groussherzog Jean vu Lëtzebuerg

Son Altesse Royale de Groussherzog Jean vu Lëtzebuerg, Jong vun der Groussherzogin Charlotte vu Lëtzebuerg an dem Prënz Felix vu Bourbon-Parma, kënnt de 5. Januar 1921 am Schlass vu Bierg op d'Welt.

De 5. Januar 1939 gëtt den Ierfgroussherzog groussjäreg an dréit domat als viraussiichtleche Krounierwen den Titel vum Ierfgroussherzog vu Lëtzebuerg.

36 Joer laang, vum 12. November 1964 bis de 7. Oktober 2000, wou en zugonschte vu sengem eelste Jong, dem Ierfgroussherzog Henri, ofdankt, regéiert de Grand-Duc Jean vu Lëtzebuerg d'Land.

De Groussherzog Jean stierft den 23. Abrëll 2019.

Jugend, Schoul a Studium

De Groussherzog Jean besicht d'Primärschoul an de Lycée zu Lëtzebuerg, duerno den Ampleforth College (Yorkshire) am Vereenegte Kinnekräich.

No der däitscher Invasioun den 10. Mee 1940 verléisst e mat der groussherzoglecher Famill d'Lëtzebuerger Land. Si gi fir d'éischt a Frankräich an a Portugal, duerno an d'USA, a Kanada an an England. Am Québec studéiert de Groussherzog Jean Droit a Politikwëssenschaften op der Universitéit Laval.

De Groussherzog Jean ass Éierendokter vun der Universitéit Stroossbuerg (22. November 1957), vun der Miami-Universitéit zu Oxford, Ohio, (6. Mee 1979) an der Universitéit Laval am Québec (29. Mee 2007).

Militäresch Karriär

Den 29. November 1942 engagéiert sech de Groussherzog Jean als Fräiwëllege bei den Irish Guards vun der britescher Arméi. Seng militäresch Ausbildung mécht en am Royal Military College zu Sandhurst, wou en den 28. Juli 1943 zum Sous-lieutenant vun den Irish Guards ernannt an den 3. Mäerz 1944 an de Rang vum Lieutenant erhuewe gëtt.

Den 21. August 1984 gëtt Son Altesse Royale de Grand-Duc vun der Kinnigin Elisabeth II. zum Colonel vum Regiment vun den Irish Guards an de 17. Mäerz 1995 zum Éieregenerol vun der britescher Arméi ernannt.

De Grand-Duc Jean lant den 11. Juni 1944 bei Bayeux. E gëtt dem Etat-major vun der 32. Brigad vun der Guards Armoured Division an der Normandie zougedeelt. En ass bei der Schluecht ëm Caen derbäi an erreecht den 3. September mat den Truppe Bréissel. Wéi Lëtzebuerg den 10. September 1944 befreit gëtt, ass de Grand-Duc Jean mat sengem Papp, dem Prënz Felix, ënnert den éischten alliéierten Truppen, déi d'lëtzebuergesch Grenz passéieren. Den 13. September ass en erëm bei senger Truppeneenheet, déi un den Operatioune bei Arnheim an un der Rundstedt-Offensiv bedeelegt ass. Enn Januar 1945 ass e mat dobäi, wéi Reichswald am Nordweste vu Wesel ageholl gëtt. E bleift bis zum Enn vum Krich bei den alliéierten Truppen an Däitschland.

Den 28. Abrëll 1961 gëtt e Lieutenant-représentant a kënnt den 12. November 1964 als Nofolger vu senger Mamm, der Groussherzogin Charlotte, op den Troun als Groussherzog vu Lëtzebuerg. Deeselwechten Dag gëtt en zum Generol vun der Lëtzebuerger Arméi ernannt.

Nieft enger ganzer Rei u lëtzebuergeschen an auslänneschen Éierenauszeechnunge gëtt de Groussherzog Jean ënner anerem mat dëse militäresche Verdéngschtzeeche geéiert:
- Croix de Guerre avec palme (Lëtzebuerg);
- Silver Star Medal (USA);
- Coix de Guerre (Frankräich);
- Croix de Guerre 1940 avec palme (Belsch);
- Oorlogsherinneringskruis (Holland);
- 1939-1945 Star (Goussbritannien);
- France and Germany Star (Goussbritannien);
- Defence Medal (Goussbritannien);
- War Medal 1939-1945 (Goussbritannien);
- Croix de la Résistance (Lëtzebuerg);
- Médaille militaire (Lëtzebuerg).

Vun 1951 bis 1961 ass en ausserdeem Member vum Staatsrot.

Éierenamtlech Funktiounen

Säi ganzt Liewe laang huet sech de Groussherzog Jean éierenamtlech engagéiert. E war
- Éierepresident vun der Œuvre des pupilles de la nation;
- Chef-Scout vun der Luxembourg Boy Scouts Association;
- Éierepresident vum Comité olympique et sportif luxembourgeois;
- Member, a vun 1998 un Éieren-Alterspresident vum Comité international olympique;
- Éierepresident vun den Anciens Combattants;
- Éierepresident vun der Union des mouvements de Résistance luxembourgeois.

Famill

Den 9. Abrëll 1953 huet den Ierfgroussherzog Son Altesse Royale d'Prinzessin Joséphine-Charlotte vun der Belsch bestuet, déi am Januar 2005 verscheet ass.

Aus dësem Bestietnes si fënnef Kanner ervirgaangen:
- d'Prinzessin Marie-Astrid, gebuer de 17. Februar 1954;
- de Prënz Henri, gebuer de 16. Abrëll 1955 (den aktuelle Groussherzog);
- de Prënz Jean, gebuer de 15. Mee 1957;
- d'Prinzessin Margaretha, gebuer de 15. Mee 1957;
- de Prënz Guillaume, gebuer den 1. Mee 1963.

Interessien

Als naturverbonnene Mënsch huet sech de Groussherzog Jean besonnesch fir Ëmweltproblemer an de Schutz vun der Déieren- a Planzewelt interesséiert. E war laang Zäit sportlech aktiv: Nieft Fechten, Schi- a Waasserschifueren esouwéi Schwammen ass e gär op d'Juegd a fësche gaangen. Dernieft huet e sech fir Fotografie a Musek interesséiert.